



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 6. Abrëll 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Immigratioun, den Här Justizminister, den Här Aarbechtsminister, den Här Schoulminister an d'Madamm Minister fir Integratioun weiderzeleeden.

Zënter 2015 ass Europa, an domat och Lëtzebuerg, mat enger grousser Zuel vu Migrante confrontéiert, déi hei Asyl (internationale Schutz) ufroen. Vill vun hinne kréien dee Statut oder awer eng subsidiär Protektioun.

An deem Zesummenhank wollt ech déi zoustänneg Ministere bieden, dës Informatiounen matzedeelen.

1. Wéivill Persounen am Ganzen hu vum 1. Januar 2015 bis elo zu Lëtzebuerg Asyl (internationale Schutz) gefrot? Aus wéi enge Länner koume wéivill Persounen? Wéi e Geschlecht haten déi Persounen? Mat wéi enger Ursaache gouf de Schutz ugefrot?
2. Wéivill vun dësen Persounen hunn wéi eng Form vu Protektioun kritt? Wéivill vun deenen Persounen sinn am Abléck nach hei am Land? Aus wéi enge Länner kommen déi Leit?
3. Wéivill Familljemembere vun dësen Persounen si schonn nokomm, vu wéi enger Nationalitéit, vu wéi engem Geschlecht an a wéi engem Alter? Op wéivill Persounen schätzt d'Regierung d'Zuel vun de Leit, déi am Kader vun der Familljenzesummeféierung an deenen nächste Joren op Lëtzebuerg kommen, no Nationalitéit, Alter a Geschlecht?
4. Bezilt d'Regierung d'Familljenzesummeféierung? Wa jo, ënner wéi enger Konditiounen? Wéivill Sue goufe schonn ze deem Zweck ausginn a wéi eng Mëttele sinn nach ageplangt?
5. Bei wéivill Persounen gouf en internationalen Schutzstatus net accordéiert? Wéivill Persounen vun deenen sinn nach am Land? Wéivill hunn d'Land fräiwëlleg verlooss a wéivill hunn der missen eloignéiert ginn? Wéivill sinn der am Laf vun der Prozedur "verschwonnen", esou datt de Staat hire momentanen Openthalt net kennt?
6. Wéivill Persounen hunn am Kader vun hire Prozedur vun enger "assistance judiciaire" profitéiert? Wéivill huet de Staat am Ganze fir d'« assistance judiciaire » am Kader vun der Prozedur am Zesummenhank mat engem internationale Schutzstatut ausginn?

7. Wéi e Prozentsaz vun den Affären, déi zënter 2015 virun enger administrativer Geriichtsbarkeet verhandelt ginn oder gi sinn, stinn am Zesammenhank mat enger Prozedur iwver internationale Schutz? Wéivill an éischter Instanz a wéivill an zweeter Instanz?
8. Wéivill vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg an enger Prozedur iwver den internationale Schutz sinn oder déi esou e Statut kritt hunn, hunn eng Aarbecht fonnt ? A wéi enge Secteuren?
9. Wéivill Persoune vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg e Statut kritt hunn, hunn eng Wunneng baussent engem Foyer fonnt ? Wat ass dobäi d'Contributioun vum Staat, respektiv vun der Caritas, dem Roude Kräiz an Aneren? No wéi eng Critèrë ginn déi Wunnengen erausgesicht an zougedeelt? Wéi gëtt garantéiert a kontrolléiert, datt eng Gerechtegkeet géintiwver deenen anere Residente besteet?
10. Wéivill Kanner vun international geschützte Persoune sinn am Abléck an eise Schoulen? A wéi enge Klassen (a classes/cours d'accueil oder a normale Klassen)? Wéi eng Nationalitéit a wéi en Alter hunn déi Kanner?

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser  
Deputéierten